

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamme Familljeminister a Justizminister an den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Déi Lëtzebuerger Regierung huet ugekënnegt, de "congé de naissance" op gläichgeschlechtlech Koppelen auszewäiten, wat allerdéngs réischt no der Reform vum Filiatiounsrecht méiglech ass. An engem Interview mat WOXX (17.6.2022) weist d'Madamm Familljeminister drop hin, datt eng juristesche Verbindung zum Kand bestoe muss, fir kënnen de "congé de naissance" unzufroen, an datt bei homosexuelle Koppelen dës Unerkennung just iwwee d'Adoptioun méiglech ass. Bei enger homosexueller Koppel, déi aus zwou Frae besteet, kann d'Kand vun enger vun dësen zwou Fraen zur Welt bruecht ginn. Bei enger homosexueller Koppel, déi aus zwee Männer besteet, kann d'Kand awer an der Reegel just vun enger sougenannter "Leihmutter" ausgedroe ginn (et ginn Ausnamen, sou de Fall vun engem Wittmann, deen e Kand aus engem heterosexuelle Bestietnis huet an eng nei Bezéiung ageet mat engem Mann, dee säi Kand adoptéiere wëll).

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamme Minister an den Här Minister:

- 1) Ass d'Regierung der Meenung, datt d'GPA-Verbot, wéi et hei zu Lëtzebuerg besteet, kompatibel ass mat der Unerkennung vum "congé de naissance" fir Leit, déi ee Kand an Opdrag ginn hunn?
- 2) Relativéiert dat Recht, dat hei enger Koppel soll accordéiert ginn, net d'Verbuet vun der GPA?
- 3) Well dee "congé de naissance" kéint als Form vu rechtlecher Toleranz géintiwwee der GPA kéint interpretéiert ginn, gesäit d'Regierung d'Gefor, datt d'Geschäft mat de GPAen doduerch zousätzlech kéint ugekuerbelt ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser, Deputéierten

